




**DO 26. Februar**, um **14h30**, kréie mir eng Visite guidée am **Nationale Fuerschungszenter fir Archeologie**, zu Bartreng (Lëtzebuerger Strooss, 241). Duerno kënnen mir eis beim Oberweis an der Cité Concorde stäerken. Beitrag : **5 €**  
Départ um **14h00** mam **Bus 7** (bei der Kierch) a bis Bartreng-Fleuri fueren.  
Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim M.L.Brücks (31 99 36) oder T. Reuter (31 70 82) un.



**FR 06. März**, um **15h00**, huele mir um **Weltgebietstag** vun de Fraen an der Kierch zu Schieren deel. (cf. Marienland S. 8-10)  
Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim A.Kieffer (31 67 37) oder D.Wirtz-Hess (31 66 15) un.



**DË 10. März: Kraizwee** mam Dekanat West um **14.30 Auer** an eiser Kierch. Duerno **Generalversammlung vum Dekanat** am Centre Jean Paul II mat engem klengen Imbiss.  
Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim A.Kieffer (31 67 37) oder A. Elter (31 98 56) un.



**DË 17. März**: fënnt an der **Schauwebuerg** eng **Konferenz** am Kader vun der Ausstellung „**Hymne à la beauté**“ zum Thema Broschkriibs, déi vum 18.-25.03 am Centre Atert ze besichtegen ass. (D’Konferenz gëtt vun der Commission de la Santé de l’Égalité des Chances et des Sports organiséert.)



**DO 19. März** gi mir an den Historesche Musée vu Lëtzebuerg d’Ausstellung “**Das Rote Kreuz in Luxemburg und in der Welt**” kucken, déi am Kader vum 100-jährege Besteehe vun der Croix Rouge zu Lëtzebuerg organiséert ass.  
Präis: **5 €** Départ: **13h40** mam **Bus 7** (bei der Kierch)  
Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim R.Blanc (31 05 45) oder beim A.Elter (31 98 56) un.

**DO 30. Abrëll : Generalversammlung** vun eiser Sektoun (Invitatioun an der Beilag !)






**SA 02. Mee: ACFL-Oktavmass um 10 Auer** an der Cathedral.

Och dëst Joer ginn erëm engagéiert **Filmer** während der Oktavzeit am Ciné Utopia um Lampersbierg, dëschdes um 19 Auer gewisen

**SO 10. Mee: Oktav-Schlussprossessioun um 15 Auer**



**MË 27. – SO 29. Mee: Wallfahrt op Kavelaar**, organiséiert vum Erzbistum. Wien interesséiert ass, ka beim T.Reuter nofroen.

**DË 09. Juni: Ausfluch op d'Musel :**



Zu **Réimech** am **Hôtel des Vignes** kréie mir dëse Menu zervéiert :

„Saladine de crevettes marinées aux aromates“, dueno e „Carré de veau braisé au four, parfumé à la sauge“, an als Dessert e „Panaché de glace et de sorbet et coulis de fruits rouges“.

Am Nomëtteg gi mir zu **Schwéidsbengen** duerch de **Mediterrane Gaart** mat spannenden Erklärungen gefouert. Hei wuesse virun allem Planzen aus dem Mëttelmierraum an aus den Tropen. Dueno hu mir nach Zäit fir eng Promenade an eng Erfrëschung op der Esplanade zu Réimech.

De Präis fir dëse flotten an ofwiesslungsräichen Dag ass **65 €**.

Mellt Iech w.e.g. bis den **03.06** beim M.L.Brücks (31 99 36), A.Kieffer (31 67 37) oder beim T. Reuter (31 70 82) un.



**DË 16. Juni fënnt d'Festversammlung** vun der **ACFL** am **Centre Atert** statt :

Um 9 Auer treffe mir eis bei enger Taass Kaffi.

Dueno hält d'Professorin Dr. Christel Baltes-Löhr e Virtrag iwwer d'Evolution vun der Fra an eiser Gesellschaft. No engem musikaleschen Intermezzo gëtt e Mëttegiessen ugebueden (Präis gëtt matgedeelt).

Am **Juli** gi mir an d'**Salzgrott** zu **Jonglënster** :

An engem ganz besonnesche „Wohlfühlstudio“ bei lueser Musikan doucem Liicht läit Dir op engem bequeeme Ligestull bei 22 Grad. D'Aerosole vum Salz rengen Äer Longen a wierke wéi eng Mini-Kur um Mier.

De Präis ass **13 €**, wa 5 Persounen matginn (eng 5er-Kaart kascht 65 €).

Wann Dir interesséiert sitt, mellt Iech w.e.g. beim T. Reuter (31 70 82).

Départ beim Centre Hamilius : Bus 111



Am **Juli** organiséiert d'ACFL e **Gaardefest** am Park vum Bëschofshaus (beim Konvikt an der Stat). Detaillert ginn nach matgedeelt.